


# SANDWEILER Aktuell

11-2021

22.09.2021

Nouveau système de gestion des déchets des communes SIAS

Bureau de la population, de l'État civil et de l'Indigénat

GEMENG SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Nationale Gedenkdag den 10. Oktober 2021

Den Nationale Gedenkdag ass der Erënnerung un de Kampf vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besetzung vun 1940-1945 gewidmet. Den offiziellen Datum vum Gedenkdag fält dëst Joer op Sonndeg, den 10. Oktober 2021.

**Eng feierlech Mass gëtt um 9h30 an der Kierch zu Sandweiler zelebréiert**, duerno gëtt eng Gerbe beim „Monuments aux morts" niddergeluecht. Fir dësen Dag ugemoossen ze feieren, luede mir Iech häerzlech an un dëser Feier deelzehuelen.

## Journée de Commémoration Nationale le 10 octobre 2021

La Journée de Commémoration Nationale est consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois pendant l'occupation de 1940-1945. Pour cette année, la date officielle de la Journée a ete fixée au dimanche 10 octobre 2021.

**La messe solennelle qui aura lieu à 9h30 à l'église de Sandweiler** sera suivie d'un dépôt de gerbe devant le «monument aux morts». A cette occasion, vous êtes cordialement invités à assister à cette cérémonie.

## Populatiounsbüro, de Büro vum État civil a vum Indigénat nëmmen op Rendez-vous op

Vum 4. Oktober 2021 un ass de Populatiounsbüro, de Büro vum État civil a vum Indigénat **nëmmen op Rendez-vous op**. D'Ëffnungszäite bleiwe bestoen, vun 8h15 bis 11h45 a vun 13h15 bis 16h00.

Wann dir e Rendez-vous braucht, kënnt dir de Service telefonesch erreechen um **35 97 11 - 208** oder eng E-Mail schécken op population@sandweiler.lu.

Merci fir äert Verständnes.

## Bureau de la population, de l'Etat civil et de l'Indigénat uniquement sur rendez-vous

A partir du 4 octobre 2021, le bureau de la population, de l'Etat civil et de l'Indigénat sera ouvert **uniquement sur rendez-vous**. Les horaires d'ouvertures restent les mêmes, de 8h15 à 11h45 et de 13h15 à 16h00.

Si vous avez besoin d'un rendez-vous, nous vous invitons à contacter le service au **35 97 11 - 208** ou en envoyant un email à population@sandweiler.lu.

Merci pour votre compréhension.

## Bilan vum neien Offallsystem

**Iwwer 600 Tonne manner Reschtoffall an engem Joer** – d' Ëmwelt freet sech! Duerch den neien Offallsystem an de SIAS Gemengen ass eng grouss Quantitéit un Offall net einfach verbrannt, mee recycléiert ginn. Donieft ass d'Miniméiere vum Reschtoffall net nëmme gutt fir d'Ëmwelt, mee och fir de Portmonni!

Hei fannt dir eng detailléiert Analyse vum neien Offallsystem: https://bit.ly/3lGuKWN

## Bilan du nouveau système de gestion des déchets

**Plus de 600 tonnes de déchets résiduels en moins en un an** – c'est bon pour l'environnement! Grâce au nouveau système de gestion des déchets des municipalités du SIAS, une grande quantité de déchets n'a pas été simplement incinérée, mais recyclée. De plus, la réduction des déchets résiduels est non seulement bonne pour l'environnement, mais aussi pour votre porte-monnaie.

Vous trouverez ici une analyse détaillée du nouveau système de gestion des déchets : https://bit.ly/39oJaoA

## Pilzbefall vum Weid am Happgaart

De Weid am Happgaart ass vun engem Pilz befall (Marssonima salicicola). **D'Beem um Weid sinn all vun dësem Pilzbefall betraff**. Erkennbar ass dës Infektioun duerch d'partiellt Ofstierwe vun der Bamschuel an vun der sougenannter Spitzendürre.

Bei engem liichte Befall ginn déi betraffe Plazen zeréckgeschnidden. An dësem Fall huet de Pilz sech ze vill ausgebreet an et ass dowéinst leider noutwendeg, e staarke Réckschnëtt virzehuelen. Sou kënnen sech d'Beem regeneréieren an nei wuessen.

## Infestation fongique du pâturage au Happgaart

Le pâturage dans le Happgaart est infesté par un champignon (Marssonima salicicola). **Tous les arbres du pâturage sont touchés par ce champignon**. Cette infection est caractérisée par une mort partielle de l'écorce et un dépérissement terminal.

En cas d'infestation légère, les zones concernées sont réduites. Dans ce cas, le champignon s'est trop répandu et il est donc nécessaire de procéder à des coupes importantes. Cela permettera aux arbres de se régénérer et de pousser de nouveau.

## Ofrappe vu Beem an der rue de Contern

Aus Sécherheetsgrënn, speziell am Kontext vum séchere Schoulwee, ginn an noer Zukunft **4 Beem** an der rue de Contern ofgerappt. Konform zu de gëllege Mesure ginn d'Beem op enger anerer Plaz innerhalb vun der Gemeng kompenséiert.

## Coupe d'arbres dans la rue de Contern

**4 arbres** seront prochainement coupés dans la rue de Contern pour des raisons de sécurité, notamment dans le cadre de la sécurité sur le chemin de l'école. Conformément aux mesures en vigueur, les arbres seront compensés à un autre endroit sur le territoire de la commune.

## Ofliwwere vu Bam- an Heckeschnëtt

Freideg, den 1. Oktober vu 17 bis 19 Auer hutt dir d'Méiglechkeet, äre Bam- an Heckeschnëtt hannert dem Gebai vum techneschen Atelier (111, rue d'Itzig) ofzeliwweren.

## Dépôt de coupes d'arbres et de haies

Vendredi le 1er octobre de 17 et 19 heures vous aurez l'occasion de déposer vous coupes d'arbres et de haies derrière l'immeuble de l'atelier technique (111, rue d'Itzig).

## Sandweiler Maart ofgesot

Leider entsprécht de Maart a senger aktueller Form net méi eisen Ufuerderungen. No gréndlecher Iwwerleeung ass entscheet ginn, de Sandweiler Maart **ab dëser Woch** ofzesoen.

Eng zukünfteg Neioplag ass net komplett ausgeschloss - fir d'Fréijoer 2022 ass allerdéngs näischt an deeër Hisiicht geplangt.

## Marché de Sandweiler annulé

Le marché sous sa forme actuelle ne répond malheureusement plus à nos exigences. Après réflexion, il a été décidé d'annuler le marché de Sandweiler **dès cette semaine**.

Sans vouloir exclure définitivement un retour potentiel à une date future, nous n'envisageons en tout cas pas de reprise pour le printemps 2022.